



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

Am Schumann-Gebai um Kierchbierg goufe bis 1979 déi éischt Sëtzunge vum Europäesche Parlament ofgehalen. Dëst Gebai, dat am Besëtz vum Lëtzebuurger Staat ass, entsprécht säit Joren net méi den internationalen Normen, beispillsweis am Hibleck op d'Energieeffizienz. Well dëst Gebai awer ee wichtegen historesche Symbolwäert huet, wier et ee Verloscht fir eise Patrimoine, wann et géif ofgerappt ginn.

An deem Kontext hunn ech folgend Fro un d'Madamm Minister:

Kann d'Madamm Minister preziséieren, wéi et mat dësem Gebai weidergeet?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten